ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. November 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

Mam neie Covid-Gesetz goufen den 29. Oktober 2020 och erëm nei Restriktioune verhaangen. Vill Evenementer goufen ofgesot an de Sport ass do keng Ausnam. Sportaktivitéiten, wou méi wéi 4 Leit zesummen trainéieren, goufe verbueden. Just de Schoulsport ass erlaabt a Sport um héijen Niveau. Esou schreift d'Gesetz vir:

> „La pratique d'activités sportives en groupe de plus de quatre acteurs sportifs est interdite, à l'exception des championnats dans la division la plus élevée de la catégorie de sport respective au niveau senior, et des équipes nationales senior de la fédération sportive respective. Les activités sportives scolaires sont maintenues."

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Am Gesetzestext gëtt präziséiert, wat fir Kaderen an dëser Situatioun nach Matcher spillen duerfen, allerdéngs ginn den Dammefussball an de Futsal hei net kloer genannt. Ass de Gesetzestext dann esou ze liesen, datt den Dammefussball an de Futsal net stattfannen duerfen?
2. Wa jo, ass den Här Minister a Kenntnes iwwert d'Grënn fir dës ënnerschiddlech Handhabung a Reegelung? Wéi ass dës ze rechtfäerdegen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten